# 2 ten Manche vum Clubchampionat

# zu Rabais an der Belscht

Haut Samschdes den 12. Oktober 2013 huet an der Belscht um Séi vun Rabais déi zweeten Manche vun eiser Clubmeeschterschaft stattfond. Genee ewei virun éngem Mount op der éischter Manche am Fléissgewässer, haten sech erëm éng sellechen Clubmemberen anfond fir sech un eneen ze moossen.

Fir unzefänken sin déi eenzel Stänn gesat gin an duerno sin déi jeweileg Plazen geloust gin ewou all Member unzetrieden hat. Am Ganzen sin och am Stëllgewässer dräi Manchen zu énger Stonn gefëscht gin. d´Ofschlossresultat vun der häiteger Ronn sin mat déier vun der Ronn am Fléissgewässer verrechent gin an duerno ass den neien Clubmeeschter gekréint gin.

d´Stëmmung wor ewei ëmmer gudd ënnert den Fëscher vum Flyfishing Club an een wirdegen Clubmeeschter wor och dëst Joër séier fond, huet den Änder Jung sech dach dëst Joër Kroun opgesat. Hien ass och een Member vun der éischter Stonn an zanter énger klénger Éiwegkeet bei all Sortie vun eisem Club dobäi. Mée dat eleng huet natirlech net den Ausschlag gin fir dass Hien sech dëst Joër konnt an den Palmarés vun eisem Club androën, née den Änder huet och richtég gudd gefëscht an konnt op deenen zwou Manchen iwwerzeegen.

Déi Zweeten Plaz wor dem Clubmeeschter vum leschten Joër, dem Mich Gilson virbehalen, Hien hat et ee bëssen manner gudd ewei dat leschten Joër gemeet mée Hien huet sech awer och ganz éierbar aus der Affaire gezun. Déi drëtten Plaz

wor dëst Joër fir den Luss Dilk, och Hien hat säin Bescht gemeet mée et wor awer net duur gaangen ewell dëst Joër anner Fëscher besser woren. Deen gréissten Fësch wor dëst Joër dem Dan Pierrot vergönnt, éng Rébouforell vun 51 cm. Nodeems déi dräi Manchen gefëscht woren haten d´Memberen ronderem eisen Präsident den Jeek, sech am Bistro vum Séi zesummen gesat fir d´Resultater auszewerten an duerno och ze proclaméieren. Natirlech ass och heibäi vill gegekst an vill gestëppelt gin genée esou ewei sech dat ënnert Fëscherkomeroden gehéiert.

Zum Ofschloss sin dann Lauréaten vun dësem Joër gefeiert gin an noh éngem leschten Patt, an éngem allerleschten Patt wor et dun dann och dëst Joër gedoën mat eiser Clubmeeschterschaft.

# Klubfëschen 2013

| Classement | 1re manche | | 2e manche | | Résultat final | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | points | place | points | place | points | place |
| | | | | | | |
| AMLUNG Bob | abs. | : | 170 | 7 | 170 | 13 |
| BEVOT Robert | 45 | 12 | abs. | : | 45 | 17 |
| DILK Lucien | 282 | 1 | abs. | : | 282 | 3 |
| DUTON Marco | 96 | 8 | 45 | 10 | 141 | 14 |
| ERPELDING Yvon | 83 | 11 | 172 | 6 | 255 | 5 |
| GILSON Michel | 124 | 7 | 228 | 3 | 352 | 2 |
| GRAAS Gast | abs. | : | abs. | : | : | : |
| HANSEN Holger | 146 | 6 | 45 | 10 | 191 | 10 |
| HOFFMANN Jhemp | 84 | 10 | 45 | 10 | 129 | 15 |
| **JUNG André** | **207** | **2** | **408** | **1** | **615** | **1** |
| MAY Jean-Jacques | 160 | 4 | 45 | 10 | 205 | 8 |
| MAY Pol (junior) | abs. | : | abs. | : | : | : |
| MUNO Dan | abs. | : | 234 | 2 | 234 | 6 |
| NICOLAS Jean-Marie | 158 | 5 | 106 | 8 | 264 | 4 |
| PAULUS Raymond | 45 | 12 | 45 | 10 | 90 | 16 |
| PAWLIK Wislav | abs. | : | 217 | 4 | 217 | 7 |
| PIERROT Dan | abs. | : | 182 | 5 | 182 | 11 |
| QUINTUS Jang | abs. | : | abs. | : | : | : |
| RIES Roland | 182 | 3 | abs. | : | 182 | 11 |
| SCHEID Patrick | abs. | : | abs. | : | : | : |
| THOMA Raymond | 92 | 9 | 104 | 9 | 196 | 9 |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |

*PODIUM*

***Champion 2013*** **JUNG André**

***Vice-champion*** **GILSON Michel**

***classé 3e*** **DILK Lucien**

***plus gros poisson à Rabais :*** **51 cm** **PIERROT Dan**